Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C. C. P. 313 24
Boîte Postale 2415
Luxembourg-Gare

Luxembourg, le 29 mars 1978.

# Circulaire

Léif Komerodinnen a Komeroden!

De 25. Februar 1978 hun d'Delegéiert vun der Eltereveeenegung, vun der Ligue des Mutilés et Invalides de Guerre 1940 - 1945, vun der Amicale des Anciens de Tambow a vun der Association des E.F.V.N. d'Fédératioun chargéiert, alles ze ennerhuelen, fir datt och eis lèscht Fuerderung erfëllt get.

Hei d'Décisounen, wéi se an der Comitéssetzung vum 9. März 1978 geholl gi sin.

1° D'Autocollants.

a) All Member krit mam nächste Bülletin "Les Sacrifiés" en Autocollant mat der Opschrëft: „Justice aux enrôlés de force."

b) All énzel Sektioun krit op Ufro weider Autocollants gratis zur Verfügung gestallt. Si kënne verdélt oder och verkâft gin. Deelt ons postwendend,oder bis spéitstens 14 Dég nodém der desen Circulaire krit hut, mat, wéivill Autocollants èr Sektioun gären zousätzlech hätt.
Adress: Fédération V.N.E.F., Luxembourg, Boîte postale N° 2415.

Bestitt bei ère Memberen drop, dat si d'Autocollants an hir Autoë maachen!

2° D'Plakat-Aktioun.

a) Organiséiert d'Ubrengen vun de Plakaten am Beräich vun èrer Sektioun.

b) Gidd ons, w.i.g., un, wéivill Plakaten dir fir de Beräich vun èrer Sektioun braucht. D'Plakaten mussen an allen Uërtschafte vum Land an op déne Plaatzen hënken, wou se opfaalen a wou de méschte Passage vu Leit as.

c) Féiert des Aktioun mat Courage an Ausdauer duurch.

3° Des grouss Campagne as oni déi néideg finanziell Mëttel net duurchzeféiren.

Zu Walfer as éstëmmeg beschloss gin, dat all Sektioun 25 Frang pro Member bäisteire misst. Maacht dat, w.i.g.,

a) direkt

b) mat dèr Postiwwerweisung, déi hei bäiläit.

c) Fir all zousätzlechen Don sét de Comité am Viraus merci.

4° Mir mussen dermat rechnen, dat mir an déne Méint, wou mir eis Campagne duurchféiren, attackéiert gi vu Leit -siew et an der Press oder op aner Manéiren - déi eis net gudd gesënnt sin. Versicht och dir op eventuell Attacken ze ripostéiren an ze entwerten, andeem der ënner ërem perséinleche Numm un d'Zeidonge schreiwt, oder dat am Numm vun ërem Sektiounscomité maacht. Sot ëre Memberen, och si solle sech darun bedeelegen.

Wien Schwieregkeeten bei der Redaktioun vun senger Entwert oder senger Stellungnahm huet, wien v'läicht sos Komplikatiounen gesäit, dé soll säin Text ganz einfach un den Zentralcomité schöcken. Mir suergen defir, dat all Texter ordentlech verfaasst a publizéiert gin.

Mir weise weider drop hin, dat eis Komeroden an der Zukunft kritesch Analysen an Artikele verfaasse sollen iwwert egal watfiren aktuelle politeschen Thema oder Problem. Domat soll öffentlech bewise gin, dat d'Enrôlés beileiwen net alles einfach hinhuelen an oni z'iwwerléen alles schlöcken. Oder soll näischt anescht d'Enrôlés interesséiren, ewéi eise Problem? Et as eiser Saach och gedéingt, wa vill, ganz vill Artikelen aus allen Ecke vum Land an d'Zeidonge kommen.

5° An Zukunft musse mir all Geleegenheet mam Schlapp huelen, fir eis Meenong, eise Standpunkt publik ze maachen an eise Problem de Leit am Land duerzeléen. Dat kann én kaum besser erréchen, as wéi wa mir an déi Opklärungs-, Propaganda- an Wahlversammlungen gin, déi vun de politesche Parteien opgezu gin. Git zu vill dohin! Huelt resolut Stellung zu den aktuelle Problemer! Et gin der nemmen nach ze vill. Stellt ër Froen! Schwëtzt iwwer de Problem vun den Enrôlés! An ëre Bülletin'en fann dir genuch stechhalteg Argumenter. A wann dir Höllef braucht, da sot eis Beschéd. D'Membere vum Zentralcomité gin, wa nemme méiglech, mat iech.

6° Verpasst net un der Oktavmass deelzehuelen. Si as den 20. Abröl, muerges um 11 Auer an der Kathedral. Suergt derfir. dat ëre Fendel do as.

7° Onse Kongress ass sonndes de 7. Mé zu Housen. Bestömmt schon elo ër Délégéiert. De genée Programm get wéi all Joer am Bülletin "Les Sacrifiés" publizéiert. Mat ërer Höllef muss dese Kongress eng fridlech, mais iwwerzeegend Manifestatioun gin.
W.i.g., denkt drun déi Komerodinnen a Komeroden aus ërer Sektioun bis um <u>10. Abröl</u> 1978 ze mellen, déi mat dem "RUBAN" ausgezeechent solle gin.

8° De Kiirfecht zu Slonsk (Sonnenburg) as komplett renowéiert. D'Arbechte si fërdeg. Frot an ërer Sektioun, wién vum 21. bis de 25. Juni 1978 sech un eiser Pilgerfahrt bedeelege wöllt, déi eis op d'Griéwer vun eisen 90 onglöckleche Komerode féiert, déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun der SS massakréiert gouwen.

Waat elo op ons zoukënt, get onheemlech vill Arbecht. Mir am Zentralcomité kucken mat zimlecher Zouversiicht an d'Zukunft, well mir wëssen, mir därfen op iech ziélen. Sidd emmer bereet! Zesummen haale mir dur a

MIR GIN EIS NET !

De Generalsekretär

Bern. Jacob

De Nationalpresident,

Jos. Weirich